FONNY. KL

REEL '90

06.

ZEITUNG

... fir déi Leit, déi net mei fäheg waaren, un den Débaen déel ze huelen, mä déi awer gären dohéem géifen matschwetzen, wann iwert d'REEL 90 zu K'Town riets gét.

Am Numm vun der A.C.E.L., dem LSK an dem Organisatiounskomite wëllen mir elo zum Ofschloss all deenen Leit villmols merci soen, déi duerch hier aktiv an finanziell Mathellef, d'REEL '90 zu Kaiserslautern eréicht méiglech gemaat hun.

Ee weidere Merci geet un all déi Studenten, déi op den verschiddenen Gespréichsronnen erschengt sinn.

Fir de Rescht wenschen mir nach deenen Leit, déi d'REEL '91 organiséieren, vill Erfollech vir daat nächst Joer.

Bob an Serge

P.S. Merci och un all déi Leit, déi hier Intelligenz léiwer an der Jugendherberg, wéi op den Débaten manifestéieren wollten.

Ee spezielle Merci dann och un di kleptomanech désorientéiert Psychopaten, déi dë Mangtum vun der aide financière durch Klauen hu missen ausglâichen.



RALLYE PÉDESTRE durch Kaiserslautern

Den traditionellen Rallye pédestre, den zu all REEL geheiert, huet och det Joer vill Fréd gemeet. obwuel dei meteologesch Konditiounen net onbedingt matgespillt hun (et waar zimlech kaal) , hun d'Participant'en sech der Villfalt vun de Spiller an den Froebéi erfrét an probeiert alles esou gudd ewei méiglech ze maachen. sou huet dei Karlsruher équipe am Meter-Beier-drénken an enger Rekordzeit dei aaner équipen stoen geloss. Beim Loftballon-Raseieren hun dei aal Huesen aus KL gewissen wei en et soll maachen, wie sie et färdeg bruecht hun de Ballon an 1 sekoun futti ze maachen.

Richteg schweier waar et beim Beierschmaachen; Remarquen ewei " Waat e Knascht" oder "esou eppes sudeleges hun ech nach ni geschmaacht", hun eisen beschten Letzebuerger Beier charakteriseiert. Di mannsten hun emei wei 2 vun 4 zorten eremmerkannt.

Zum Schluß gett dann hei der Vollständegkeet halber d'Klassement puplizéiert. Den Max vun de Punkten war 144.

1. Treier	104 Pkt
2. Namur / Adeb	103 Pkt
3. Di Aal an dei Well	101 Pkt
4. Karlsruhe / Stuttgart	99 Pkt
5. Montpellier/Suisse Rom. / Bruxelles	96 Pkt
6. Saarbrücken	85 Pkt
7. Aachen	69 Pkt
8. Nancy	50 Pkt



Superstudenten...

Ouverture officielle vun der REEL 90 am Stiftskeller vun der Stadtsparkasse

An dem schicken Kader vun der Stadtsparkasse hierem Stiftskeller, matsen an der Kaiserslauterer Aalstaat, huet d'Reel 1990 offiziel d'Luut vun der Welt erbléckst. An der Präsenz vu villen offiziellen Gäscht, wei den Här Minister Fischbach, den Här Oberbürgermeister Piontek, den Uni-Präsident Landfried, den Här Camille Kieffer vum CPOS huet aist Repoterteam och nach e ganzen Koup vun aisen Sponsoren entdecken können.

Et wär dunn och den Här Krier vun der BIL, dén als eischt d'Wuert ergraff huet. D'BIL huet och dess Keier erem vill gebueden well et woar sie, dei op d'Ouverture agelueden hat. Als zwéet huet den ACELs Präsident Bob de Waha den Micro a Beschlaag geholl an huet probeiert z' erläuteren, waat dann elo eng REEL wier. Dei wichtest Remarque - dei d'Redaktion aus deser Ried zereckbehaalen huet - ass dei, datt d'Reel am Fong en Lieu de Rencontre vun den Studenten mat der Industrie, an emgedreint ass.

Den Chef vum Organisationskomittée, Serge Dentzer, huet dun de Program vun der Reel inhaltlech als eng "fuerweg Palett" charakteriséiert a gemengt dass fir jideréen eppes Interessantes ugebueden geif. Den Här Dentzer huet dunn nach e puer Hannergroninformationen ginn waat d'Organisation vun der Reel betrefft. Et ass kloer datt esou eng grous Manifestation vill Arbecht mat sech brengt an huet - esou wuertwiertlech - dénen "formidablen an dynameschen Leit aus dem Organisationskomittée", dei him zur Sait stinn, fir hier fantastesch Arbecht, Merci gesot.

Uschleissend woar et dann den Här Minister Fischbach, dén den Haaptriedner vum Owend woar. Fier d'eischt gouf den Premier Jaques Santer entschellegt, dén krankheetshalber net présent konnt sin ! Dunn ass en direkt d'Grondproblématik vun den Diskussiounen mat de Studenten ugaang. Dei direkt Beihellefen, sou nom Här Minister, a Form vu Subsiden, Boursen an aaner materieller Ennerstetzungen hun sech an der Vergaangenhét an hierer Form bewährt. Mé wier et elo un der Zait, d'Struktureierung vun der staatlecher aide financière z'iwwerdenken. An desem Senn hätt d'ACEL och hieren Dél dozou baigedroen dei nai Wéer, déi an Zukunft ageschloen ginn viirzezéchnen. Den Här Fischbach huet betount dass d'Regierung sech hierer Verpflichtung vis à vis vun den Studenten bewosst wier. Sie wieren et schliesslech déi den wirtschaftlechen an kulturellen Fortbestand vum letzebuerger Land garantéieren géifen. Dem Här Minister Fischbach séng Ried huet sech allerdengs net eleng op d'aide financière beschrènkt; hien hut och nach e puer aaner Problémer ugeschnidden, dei de Student a sengem Unisliewen begeinen. Haibei muss e unmirken dass net all Studenten dei selwescht Problémer hun, eleng schon duersch dei geographisch Laag bedingt. Mat dem europaische Binnenmaart, sou den Här Fischbach, geif och d' Rivaliteit zweschen den Unien mei grous gin. D'Zuel vun den Studenten helt zou, an doduerch bestét d' Gefor dass dei auslännesch Studenten vill vun hieren Privilégen op der Uni verléieren. Fier dest ze vermeiden gett sech an den Regierung iwwerluet fier nett villaicht én éischten Uniszyklus zu Letzebuerg unzebidden, fier den Grondstudium op den Universitéiten ze entlaaschten. Dess Innovatioun géif och villaicht méi Industrien matt hieren Fuerschungsprojéen op Letzebuerg lackelen. Zum Schluss huet den Här

Minister Fischbach der Staat Kaiserslautern Merci fir hier Ennerstetzung gesoot an der REEL'90 dén Erfolleg versprach dén se verdingt.

Den Oberbürgermeister Piontek huet direkt d'Sympathien vun dénen ronn 150 Nolauschterer fonnt, andéms en ennerstrach huet dass d'Verhältnis mat den Letzebuerger haut des Daachs besser wier wéi am 14. Jorhonnert, wou d'Staat Kaiserslautern un Letzebuerg verpfändet woar. Als besonneschen Geste waar d'Scheckiwwerréchung vun der Staat Kaiserslautern un d'Organisateuren ze gesinn. D'Staat huet esou hier Ennerstetzung vum Projet REEL '90 nach ausgebaut.

Schlussendlech waar et den Alain Schumacher, Präsident vum letzebuerger Cercle zu Kaiserslautern, dén op de Buffet vun der Bil inviteiert huet.



Debat mam Monsieur le Ministre de L' Education Nationale, Marc Fischbach

Am Ufang huet den Här Minister Fischbach e kuerzen Iwerbleck iwert dei intensiv Arbecht zweschen der ACEL an dem Ministère gemaach.

Hien ass op dei positiv Afless ze schwetzen komm dei eist Land huet, well all eis Studenten am Ausland studeieren. Dest huet och eng immens grouss Auswirkung op eis Industrie, an dofir ass et eng Verpflichtung vun der Regierung fier dest nach ze fördern.

Daat neit Gesetz iwert d'aide financière get elo an den nexten Wochen färdech gemach, sou datt den Gesetzesprojet gleich der Chamber fiergeluercht get. Den Här Fischbach rechent datt desen Projet am Hierscht 91/92 duerch ass an speitestens Januar 92 a Kraft tret.

D'aide financière géif dan wéi follged ausgesin: En Deel bourse non-remboursable an een Deel mat festen Zensen (2%). Den absoluten Plafond leit haut mat bourse, prêt ouni Zensen, prêt mat Zensen an Kannergeld bei 238.000 F. Am neien Projet gin elo 250.000 bis 260.000 F ugestrieft. Dei nei Regelung soll et dem Student erlaben, sei Studium selwer ze gestalten an sengem Bestriewen no mei Selbstständegkeet an Onoffhängegkeet entgeint ze kommen:

- Geet mei ewei een Kand aus enger Famill op d'Uni, get et vum zwete Kand un e Bonus vun 30.000 F.
- Eng weider Neierung wär eng Prime de Performance (eng emolleg Unerkennung vun der Leestung fir een ofgeschlossenen eischten Zyklus).

Dest soll laut dem Här Minister eng Pauschal vun 30.000 bis 40.000 F sin; d'ACEL fuerdert awer 60.000 F. Fir des Prim ze kréien, muss een den eischten Zyklus an der Regelstudienzeit plus 1 Joer gemaach hun. Dono huet e keen Usproch méi op des "Prime de Performance". Nom Här Minister senger Virstellung wär des Prim och fir de Cours awer net fir den IST gelteg.

Hei huet den Här Minister eng Klammer opgemaach an drop higewisen, daat et an Zukunft emmer méi schwéier get fir letzeburgesch Studenten am Ausland op d'Unien ze kréien: Ons Premièren oder 13ièmes Examen gin ze streng bewert geintiwer den ausländischen Afschleß. Hei mist een elo bestriewt sin, fir een kompletten éischten Zyklus zu Letzebuerg ze bidden, an daat och vir Auslänner.

E weider wichtege Punkt war den Permis de Séjour. Hei hun déi Montpellieer Studenten hiere Problem mat der carte de Séjour erklärt, den si mat hierem Préfet hunn. Den Minister Fischbach huet gesoot, dass vum Juni '92 un, eng "procédure non discriminatoire" giff gellen. Fraien, déi déi eenzel Verwaltungen vun den Letzebuerger Studenten verlangen, mussen bezuelt gin, well d'Studenten an kengem sozial- oder aarbechtsrechtlechem Verhältnis zum Studienland stinn.

Op den Problem mam Emschreiwen vun de Führerscheiner am Ausland ass den Minister Fischbach net agangen.

Beim Problem vum Mindestakommen vun Studenten beim Schaffen, (75% vum Mindestverdingscht) huet hien gesoot, dat hien nach mat sengen Ministerkollegen am Fréjor doriwer discutéieren wärt.

Um Punkt vun der Foire de l'étudiant huet en sech fir dat Messverständnis vum ze fréien Termin desst Joer entschellegt. Di nächst Foire ass fir den 21.-23. November '91 virgesinn. Hien huet och déi positiv Initiativ vun eenzelnen Cerclen begréißt, déi Studenten mat Unioffiziellen gescheckt haaten, well desst een vill besseren Kontakt zweschen Schüler an Université it erméiglecht huet.

LETZEBUERGER STUDENTEN ZU KAISERSLAUTERN

ERASMUS

Am Kader vun der REEL 90 zu Kaiserslautern huet d'Madame Ménage (responsable ERASMUS vun der Kommissioun vun der Europäescher Gemeinschaft zu Bréissel) ons iwert dën ERASMUS-Programm informéiert, deen mir hei nach eng Kéier wëllen zesummenfaassen.

An der Europäescher Gemeinschaft liewen zur Zeit 340 Milliounen Leit, déi 9 Sprochen schwätzen. Dën ERASMUS-Programm ass geduecht, fir datt d'Studenten en Deel vun hierem Studium an engem aaneren Land vun der EG ofléen.
Et ass dëst nach en ganz jonke Programm, deen eréischt 1987 matt 3000 Studenten ugefaangen huet, an esou gudd ukomm ass, datt ët 1988 schonn 12000 1989 schonn 20000 Studenten waren, déi vun dësem Programm konnten profitéieren. 1990 sinn 45000 Demanden agereecht ginn. Obschonn hei eendeiteg eng steigend Tendenz ze erkennen ass, sinn dëst ëmmer nach immens wéineg Studenten, wann een bedenkt, datt 6 Milliounen Studenten op europäeschen Universitéiten ageschriwwwe sinn. A groussen Linnen kann een dën ERASMUS- Programm an 5 Punkten opdeelen.

I Hëllef fir d'Universitéiten

Dorënner versteet een haaptsächlech eng finanziell Ennerstëtzung fir:

- d'Mobilitéit vun dën Professeren an sengen Assistenten ze förderen
- d'Cooperatiounsprogrammen zwëschent zwou oder méi Universitéiten op d'Been ze stellen
- intensiv Programmen a ganz spezielle Fäll ze organiséieren

Zur Zeit existéieren ronn 2700 Cooperatiounsprogrammen (PIC = Programme Interuniversitaire de Coopération), déi maximal matt 25000 ECU pro Universitéit an pro Joer kënnen ënnerstëtzt ginn. D'Moyenne leit allerdengs bei 3000-4000 ECU.

II Boursen fir d'Förderung vun der Studentenmobilitéit

Dëss Bourse ass geduecht fir zousätzlech Frais'en, wéi z.B. Deplacementer oder méi héich Liewenshaltungskäschten am Gaaschtland ze decken. D'Urecht op déi national Bourse verfällt heiduerch nëtt. 1. Fir an de Genoss vun dëser Bourse ze kommen, mussen folgend Kritären respectéiert ginn:

- et muss een mindestens 3 Méint an d' Ausland goen an et kann een nëtt méi wéi 1 Joer finanziell gefördert ginn.
- déi erbruechten Leeschtungen op der Gaaschtuniversitéit mussen vollstänneg vun der Universitéit, wou een sein Ofschloss kritt, unerkannt ginn.
- ët gëtt versicht, d'Cooperatiounsprogrammen op engem gegenseitegen Austausch optebauen.
- prioritär ginn Programmen berücksichtegt, déi eng gewëssen Continuitéit garantéieren. D'ERASMUS-Demande, fir un engem PIC deelzehuelen, ass un d'Universitéit, wou een ageschriwwen ass, ze riichten.

2. Déi beschriwwe Kritären sinn bei deenen bestehenden PIC'en erfëllt. Eng aaner Méiglechkeet, eng ERASMUS-Bourse ze kréien, besteet doranner op eegen Fauscht en Openthalt am Ausland an Zesummenarbecht matt deenen entspreechenden Professeren ze organiséieren. Hei sinn d'Kritären vun II 1. och ze berücksichtegen. An dësem Fall ass d' Demande nëtt un d'Universitéit, sondern un de Ministère de l'Education Nationale

et de la Jeunesse ze riichten.

3. Dën doctorat = postgradué fällt ënner déi selwecht Bestëmmungen wéi d'normal Universitéitsstudium.
4. Stagen am Ausland, déi innerhalb vum Studium virgeschriwwe sinn, kënnen duerch eng ERASMUS-Bourse remuneréiert ginn.
5. Dën gesamten ERASMUS-Budget ëmfaasst am Joer 1990 60 Milliounen ECU, wouvun 32 Milliounen ECU fir d'Mobilitéit vun de Studenten opbruecht ginn.

III Boursen fir Visiten

Dëss Boursen stinn fir Professeren/Assistenten zur Verfügung, déi esou een PIC wëllen op d'Been stellen oder awer dën Oflaaf vun esou engem Programm wëllen iwwerpréifen.

Aaner Hëllefen

Een gewëssenen Budget steet fir Associatiounen zur Verfügung, déi op europäeschem Plang täteg sinn an als Ziel hunn am Bereich vun der Héichschoulausbildung ze informéieren. Et sinn ebenfalls Gelder zur Verfügung fir Publicatiounen, déi dëst Ziel verfolegen.

ERASMUS-Preis

Associatiounen, déi eng aussergewéinlech Initiativ op europäeschem Plang weisen, kënnen duerch ënn ERASMUS-Preis gewürdegt ginn.

Ofschléissend siew nach drop higewisen, datt all Cooperatiounsprogramm an engem Répertoire beschriwwe sinn, deen bei dëm:

Office des Publications Officielles des Communautés Européennes

2, rue Mercier

L-2985 LUXEMBOURG

kaaft kann ginn.

Grand-Duché de Luxembourg

MINISTÈRE DE L'ÉDUCATION NATIONALE

CENTRE DE PSYCHOLOGIE ET D'ORIENTATION SCOLAIRES

Nos références:

LUXEMBOURG, le

ERASMUS

(Bourses de mobilité aux étudiants)

Dans le cadre du programme ERASMUS des bourses de mobilité peuvent être accordées à des étudiants qui poursuivent dans un autre Etat membre des études constituant une partie reconnue de leur formation supérieure.

Il convient de noter que les bourses de mobilité ne visent qu'à couvrir les frais supplémentaires liées aux études poursuivies à l'étranger. Elles ne sont pas destinées à couvrir les dépenses que les étudiants auraient eues normalement dans leur établissement d'origine.

Les bourses de mobilité ne peuvent normalement pas être octroyées:

* pour des séjours à l'étranger inférieurs à trois mois
* pour des séjours à l'étranger supérieurs à un an. Dans le cas où la durée totale du séjour à l'étranger est supérieure à un an, la bourse de mobilité ne couvrira que 12 mois. Les bourses ERASMUS ne sont pas disponibles pour des étudiants de première année de l'enseignement supérieur.

Suivant la définition de l'action, - ERASMUS correspond à l'abréviation de " European Community Action Scheme for the mobility of University Students" -, le but d'Erasmus, c'est d'encourager les étudiants à s'inscrire à une institution d'enseignement supérieur d'un autre pays de la communauté et d'intégrer les études ou le stage dans la formation dispensée par l'université du pays d'origine dans le cadre d'un programme de coopération interuniversitaire.

Les critères de sélection sont de deux ordres:

- la priorité sera donnée aux étudiants qui au cours de leurs études changent de pays et d'université et participent implicitement à un programme de coopération
- les étudiants qui ne font pas partie d'un échange, mais dont les études ont été particulièrement brillantes et qui sont issus d'un milieu social défavorisé.

Si vous êtes intéressé par la bourse ERASMUS, vous pouvez remplir le formulaire fourni en annexe et nous le renvoyer à l'adresse susindiquée.

Camille Kieffer
Directeur du Centre de Psychologie
et d'Orientation scolaires

Adresse: 29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg

Téléphone: 46 802-555/553

105011

COMMISSION DES COMMUNAUTES EUROPEENNES

ERASMUS

1990/91

Bourses destinées aux étudiants qui
effectuent une période d'études reconnue dans un autre pays membre

Partie I (Cette partie doit être remplie par l'étudiant(e) à la MACHINE ou en CARACTERES D'IMPRIMERIE)

1. Etudiant(e) candidat(e):
   Nom: M/Mme/Mlle ..... Nationalité: .....
   Date et lieu de naissance: .....
   Adresse actuelle: .....
   .....

2. Etudes entreprises dans l'institution d'origine:
   Institution/Université: .....
   Faculté/Département: .....
   Qualification/diplôme préparé: .....
   - titre: .....
   - date à laquelle les études ont commencé: .....
   - date probable d'acquisition du diplôme/de la qualification: .....

3. Période envisagée dans l'institution hôte:
   Institution/Université: .....
   Faculté/Département: .....
   Personne à contacter sur place: .....
   - nom: M/Mme/Mlle: ..... position: .....
   - adresse de correspondance: .....
   .....
   Dates du séjour à l'étranger: du ..... au .....
   Programme d'activités prévu (soyez précis):.....
   .....
   .....

L'institution hôte exigera-t-elle de vous le paiement de droits de scolarité oui non

quel montant:

Si vous ne participez pas à un programme d'échange, indiquez les arguments qui plaident en faveur de l'octroi d'une bourse ERASMUS

.....
.....
.....
.....

4. Frais de mobilité (veuillez compléter les sections adéquates, en indiquant le type de dépenses encourues) FL

. frais de voyage (veuillez préciser)

..... _____
..... _____

SPECIMEN

. frais supplémentaires liés aux études (veuillez préciser)

..... _____
..... _____
..... _____

Total FL _____

5. Signature de l'étudiant(e) candidat(e):

L'étudiant(e) soussigné(e) certifie que toutes les informations fournies dans ce formulaire sont exactes.

Signature: ..... Date: .....

Partie II (Cette partie doit être remplie par l'institution d'origine à la MACHINE ou en CARACTERES D'IMPRIMERIE)

1. Attestation de reconnaissance académique

Quel type de validation votre institution accordera-t-elle à l'étudiant(e) pour les activités qu'il/elle aura entreprises à l'étranger et qu'il/elle décrit ci-dessus, en vue de l'obtention de son diplôme?

.....
.....

Personne responsable, au sein de l'institution d'origine, de l'octroi de la reconnaissance:

- nom: M/Mme/Mlle .....
- position: .....

SPECIMEN

2. Signature de l'institution d'origine

L'autorité soussignée appartenant à l'institution d'origine certifie que:

- la reconnaissance sera accordée, comme on le décrit ci-dessus
- l'étudiant(e) ne participe pas à un programme de mobilité d'étudiants susceptible de bénéficier d'une aide financière ERASMUS au titre d'une demande introduite séparément par l'institution d'origine ou par l'institution hôte.

Nom: M/Mme/Mlle: ..... Position: .....

Adresse complète de l'institution d'origine: .....

.....

Signature: ..... Date: .....

L'étudiant(e) et l'institution devraient garder une copie de ce formulaire.

Ce formulaire doit être envoyé avant le 1. novembre 1990 au Centre de Psychologie et d'Orientation Scolaires, 29, rue Aldringen, 2926 Luxembourg.

Débat matt der Banque Internationale à Luxembourg

Op d' Ureegung vun dem Organisationskommitee vun der REEL, huet d' BIL desst Joer nett d' Leit matt ominösen Chifferen iwert hier Geschäfter bombardéiert, mee ett gouffen zwee Themen proposéiert iwert déi d' BIL hieren Standpunkt soll duerleen. Daat éischt Thema ass iwert d' Finanzéierung vun Emwelt-frendlech Projeen gangen. Den Fernand REUTER , Direktor vum Departement "Grandes Entreprises" huet kuerz d' Finanzéierungsméiglechkeeten fier d' Entreprisen fiergestallt. Niewend dem klasseschen Kredit kann eng Firma duerch d' Emmissioun vun Obligatiounen oder iwert Venture Capital un Geld kommen. Ennert Venture Capital oder och Risiko-Capital genannt, versteht een Geld matt dem sech eng Firma , z.B. d' BIL, un enger anerer Firma finanziell bedeelegt. Sie bedeelegt sech also direkt um Erfolleg oder Meßerfolleg vun deser neier Firma. An der Regel gett Venture Capital an Firmen gestach, déi innovativ täteg sin.

D'Loi d'expansion economique gesäit verschidden Finanziellhelefen fir den Unternehmer fir, ewéi den Credit d'équipement , d'aide à l' investissement an e spezielle prêt zu besseren Konditiounen.

Waat emweltfrendlech Investitiouen ubelaangt, esou gin ett zu Letzebuerg keng favorabel Konditiounen. Op d'Fro, ob d'BIL fier emweltfrendlech Investitiounen besser Konditiounen fiergesäit, z.B. bei engem prêt fier en Auto mat Katalysator, huet den Herr Reuter gemengt, dat an der Hinsicht nach neischt fiergesin ass , mee dat sie an Zunkunft doriwer nodenken giffen.

Daat zweet Thema ass iwert d' Bankplaatz Letzebuerg am Zesummenhang mat dem Ost-Marché gaangen.

Hei huet den Herr Reuter festgestallt , dass d' westlech Gelder ganz spärlech no Osten fleißen, well den Risiko bei engem Investissement an eng Ost-Firma zervill grous ass, wann keng Bilanzen, Geschäftsberichter asw. fierleien.

Ausserdeem ass d' Zenslaascht fir Krediter oft esou heisch, daß dess Finanzéierungsméiglechkeet ze deier ass fier eng Ost-Firma.

Aus dem Publikum gouff d' Befierchtung ausgeschwaat, daß de Westen sech am Ostblock duerch zervill kolonialistesch Allüren kinnt onbeleift maachen.

Zum Schluß huet den Daniel Philippi an den Marc Fettes en neit BIL-Produkt "BIL-Colleye" genannt, fiergestallt.

Ett handelt sech em en Package fier jonk Leit deen an Zesummenaarbescht matt der ACEL kréeiert ginn ass.

ACEL

Als éischt ass op déi nai Réglementatioun vun der aide financière, sou wéi den Här Minister Fischbach si den Daag vierdrun confirméiert huet, agaangen. (cf. communiqué de presse vun der ACEL en annexe) Bemängelt gouf dass én, wäll déi nai Bestemmungen eréischt den 1. Januar 1992 a Kraaft trett, allerfréiestens am Summersemester '92 matt konkréten Ännerungen rechenen kann. Punkten déi nach gerégelt mussen gin, sin:

- d'Ausbezuelen vun der staatlecher aide financière, déi nom Gesetz 1 Joer méi laang wéi d'Normalstudiendauer ass, waat awer schon eleng an Daitschland vill Problemer matt sech bréngt.
- d'aide financière fir déi Lait, déi én 3e cycle mattmaachen.
- d'Kritèren fier d'Opdélung vun der aide financière Uschléissend huet den CELB proposéiert D'Zuel vun den ACEL's-Délégéierten an den REEL's-Participanten pro Cercle fier all Cercle un hier jeweileg Memberszuel unzepassen. Desweideren sollen grouss Cerclen méi ewéi eng Stemm bei Ofstemmungen kréien. Well d'Unzuel vun den Participanten un énger REEL all Joer vum ACEL's-Comité a vum jéweilegen Organisatiounscomité festgesaat get, gouf garantéiert dass daat nèxt Joer grouss Cerclen méi Participanten schécken dierfen ewéi déi méi kléng.

Waat d'Régelung vun den ACEL's-Délégéierten ugét, koum et zu enger längerer Diskussioun. Wann, wéi vum CELB proposéiert, all Cercle pro 100 Memberen 1 Délégéierten méi soll kréien, an d'Stemmrecht nett op 1 Stemm pro Cercle begränzt soll bleiwen, färten verschidden Cerclen dass déi méi kleng Cerclen iwwerrannt kéinten ginn. Anerersäits, well d'ACEL d'Associatioun vun den énzelen Cerclen, an nett vun den énzelnen Studenten ass, stét an den Statutten dass all Cercle iwwert 2 Délégéiert an iwert eng énzeg Stemm verfügt. Schlussendlech gouf beschloss iwwert folgend Statuttenänderung oofzestemmen:

1. Unzuel vun den Délégéierten pro Cercle: min. 2; pro 100 Memberen 1 méi, Desweideren muss all Cercle d'Adressen vun séngen Memberen bis den 1. Februar eraginn.
2. Stemmrecht fier all Délégéierten

D'Wahlresultaat fier den Punkt 1 huet folgendermoossen ausgesinn: Dofier: 9 Dogéint: 9 Enthaalung: 5 Fier dass éng Statuttenännerung an der assemblé générale ordinaire zur Débatt kennt, muss én Drettel vun den Memberen (ronn 30 am Ament) fier des Ännerung stemmen. Et konnt also nach kén entgültegen Entschloss gefaasst ginn, well déi 7 Cerclen déi geféhlt hun, nach mussen kontaktéiert ginn. D'Wahl vum Punkt 2 ass entfall. Montpellier, déi als énzegen franséischen Cercle hier Kandidatuur fier d'REEL 1991 gestallt huet, organiséiert, zur Fréd vun allen, d'REEL1991.

ASSOCIATION DES CERCLES D'ETUDIANTS LUXEMBOURGEOIS

COMMUNIQUE DE PRESSE

ACCORD ENTRE LE MINISTRE DE L'EDUCATION NATIONALE ET L'A.C.E.L.

Le lundi 29 octobre 1990, une délégation de l'A.C.E.L. (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois) composée de Messieurs Robert de Waha et Serge Dentzer a rencontré Monsieur Marc Fischbach, ministre de l'éducation nationale, assisté par Monsieur Jean-Paul Schmitz.

Le but de cette entrevue était essentiellement de trouver un accord sur la nouvelle réglementation de l'aide financière de l'Etat pour étudiants. Après avoir exposé leurs points de vues respectifs, l'A.C.E.L. a convenu avec le M.E.N. sur le modèle suivant:

1) Le montant total de l'aide financière de l'Etat s'élèvera entre 250.000FL et 260.000 FL par an, allocations familiales comprises. L'aide financière perçue directement par l'étudiant sera donc de l'ordre de plus ou moins 220.000 FL par an, ce qui correspond à une augmentation de près de 25.000 FL par an.

2) Ce montant sera majoré du montant des frais d'inscriptions respectifs, avec un minimum de 5.000 FL et un maximum de 100.000 FL.

3) Ce montant sera majoré de 40.000 FL par personne, dès qu'un deuxième enfant entame des études universitaires, contre 30.000 FL auparavant.

4) Ce montant sera majoré d'une bourse unique distribuée après la réussite d'un premier cycle universitaire. Ne pourra bénéficier de cette bourse que celui qui finira son premier cycle dans le temps minimum (généralement 2 ans), plus une année. Le montant de cette bourse sera de l'ordre de 30.000 FL à 40.000 FL selon les idées du M.E.N., et de 60.000 FL selon les idées de l'A.C.E.L.

5) L'aide financière de l'Etat sera répartie sur les postes de:

a) Bourse non-remboursable

b) Prêt avec charge d'intérêts , dont le taux sera fixé à 2%.

La perte relative résultant de l'abolition du prêt sans charge d'intérêts sera plus que compensée par l'augmentation de la bourse non-remboursable.

6) La période de remboursement sera maintenue à 10 ans.

7) Monsieur le ministre analysera ensemble avec les banques luxembourgeoises si le délai du premier remboursement pourra être fixé tel que ce dernier ne sera plus réclamé que 5 ans après la fin des études.

8) Les intérêts à payer sur les prêts sollicités pendant la période des études pourront être déduits des impôts à payer à partir de la première année d'embauche.

9) En ce qui concerne les "anciens" prêts avec charge d'intérêts, Monsieur le ministre oeuvrera ensemble avec l'A.C.E.L. en faveur d'une réglementation qui préverrait que le montant des taux d'intérêts à payer sur un prêt sollicité antérieurment serait retranché du nouveau prêt, mais seulement jusqu'à concurrence de 2% (taux nouveau). La différence, càd actuellement 6.75%, sera captitalisée, et pourra être déduite des impôts à payer ultérieurement.

Tous les autres problèmes qui concernent le monde estudiantin luxembourgeois, tel que le permis de séjour, l'immatriculation des voitures, l'homologation des diplômes allemands, la rémunération du travail estudiantin, l'organisation de la Foire d'information scolaire au Kirchberg, et autres, seront discutés et, espérons-le, résolus ensemble avec Monsieur Fischbach lors de la REEL'90 à Kaiserslautern,

En ce qu'il est de l'accord trouvé entre l'A.C.E.L . et le M.E.N. concernant l'aide financière de l'Etat pour étudiants, il reste à ajouter que l'A.C.E.L. s'en félicite, tout en restant vigilante à ce que les différentes modifications seront bel et bien réalisées dans des délais raisonnables et selon les st ipulations retenues.

communiqué par l'A.C.E.L.

Débat écologique

Als Ofschloß vun deser Reel, an wourop och vill Leit gewaart hun, waar dun um Samsden am groùssen Hörsall den Débat écologique. Opgedeelt waar déi ganz Saach an den Drèck, deen an all Stood ufällt, an an d'Emweltbelaschtung duerch d'Industrie. De Fernand Klopp vun der Aneil huet ons fir d'éischt eng Iwersiicht iwert déi ganz Problématik ginn. D'Quantitéit vum Hausmüll ass an den leschten Joeren emmer an d'Luucht gaangen (seit dem leschten Weltkrich an wéinst der staarker Konjunktur). Dobei huet sech d'Zesummensetzung och wesentlech verännert. Esoù faalen haut ronn 45% un organeschem Offall, 18% Papeier, 7% Plastik, 7% Glas un. Duerch dessen Drèck entstinn déi Problèmer ewéi d'Verschmotzung vum Drenkwaasser an d'Vergeftung vum Buedem. D'Léisung vir dessem Drèck lass ze ginn, kann een an drei Katégorien andeelen:

- Vermeiden vum Drèck
- Recyclé ieren vun den Réistoffer
- Beseitegen vum Drèck

Bei der Beseitegung vum Drèck kann een dann nach teschent dem Déponéieren (op den Tipp schedden), an dem Verbrennen ennerscheeden.

Déi einfachst Method vir den Drèck laszeginn, ass keen Drèck ze maachen. Als Beispill doofir kéint een z.B. nei Verfahren entweckelen, déi manner Nieweprodukter produzéieren. Donievt kann een e Produkt vir de Klient oofreizen, z.B. an deem een de Produkt taxéiert, eng Ökosteier dropsetzt, oder duerch Genehmegungen Produktion verhennert. Een zweete Schrett vir dem Drèck lasszeginn, ass d'Recyclé ieren. Doduerch dass d'Leit hieren Offall aussortéieren, kann een ganz geziilt déi eenzel Réistoffer erem zereckverwandelen, daat esougenannt Recyclé ieren.Niewent dem Aspekt vum Drèck oofzebauen, kann en op dess Art a Weis och d'Réistoffer erhaalen. Ee weideren Virdeel, vum Sortéieren vum Drèck ass, dat keng Gefter an den Hausmüll kommen. De leschten an zugleich och problemateschten Punkt ass d'Beseitegen. Engerseits kann een dat duerch Verbrennen vum Drèck maachen, eweéi daat zu Letzebuerg z.B. an der SIDOR geschitt, ewoù 70% vum ganzen Offall beseitegt get. Leider huet d'Verbrennung aawer niewt den Gasen wéi H_2O an CO_2 och nach aaner, aawer leider schädlech Komposenten. Donieft bleiwt nach 20-30% Vol als Schlack iwrech. Den Filterstëps außerdeem muss och op eng Sezialdeponie, déi et nët am Land gët. Déi zweet Méiglechkeet ass déponéieren op den soùgenannten Drèckstippen. D' Problemer dovun sin den "Landschaftsverbrauch" ewéi och Problemer mam Sickerwaaser etc.. Den Emweltminister huet dunn als nächstes d'aktuell Situation beschriwen. Hien bedauert et, dat et leider nach keng

Reglementation
vir den Hausmüll gët. Außerdem existéiert nach keen Ofallentsuergungsgesetz. Hien huet och verschidden Verwertungssystemer kuerz ernimmt. Allerdings ass ausser divers Containeren vir Papeier, Batterien, Fleschen an der Superdrèckskescht nach net alzevill geschitt. Allerdings konnt hien ons iwert den Pilotprojekt "Monnerech" informéieren, den Verwertung vum organeschem Offall virgesait. Am Bereich vun der Entsuergung huet hien dunn op d'Problemer vun der SIDOR higewisen. Och waar hien net iwert den Ausrüstungsstandard vun den aaneren drei Drèckstypen erfreet. No dessen zwoù Affé ierungen ass dunn nach iwert divers Méiglechkeeten vir d'Reduzéierung vum Drèck, déi ech nemmen kuerz ernimmen well.

- Tax fir Verpaackungen, déi net recycleierbar sinn.
- Reknahmepflicht vir Verpackungen
- Verbuet vun verschiddenen emweltschädlechen Produkter, ewéi z.B. PVC
- Fuederung vun Ofallbilanzen bei neien Betrieber.
- "Erzéiung" vum Lëtzebuerger, dat hien d'Ufuederungen déi un hien gestallt sin (a punkto Emwelt), erfellt
- Problemer bei der Arichtung vun neien Deponien
- Müllentsuergungstaxen. An dessem Punkt leien mir zu Lëtzebuerg komplett falsch, well een seng Dreckskescht fix op d'Joer bezillt, an net op den Inhalt
- Problemer beim Recyclage vun Plastik, well de Kuddelmuddel aus denen villen d'Sorten Plastik nach lang keng uerdentlech Qualitéit ass.

Den zweeten Deel vun dem Débat war dunn ganz am Zeechen vun der Emweltbelaschtung durch d'Industrie. Hei waaren dun och d'Vertrieder vun der Industrie, nähmlech der ARBED an der DuPont un der Reih (Déi Hären vun der Eurofloor haaten den Schwanz beigezunn !!!).
Den Här Munhoven vun der ARBED huet ons dunn matgedeelt, dat hier grouß Problemer engerseits duerch den Steps, aanerseits duerch schädlech Zousatzstoffen entstinn. Hien huet allerings betoùnt, dat d'ARBED hieren Betrieb um *leschten* Stand vun der Technik hält. Außerdem sin si derbei, eng Pilotanlach am Bereich vun der Produktioùn vum Thomasmiel an Betrieb ze huelen. Leider ass et hinnen net emmer méiglech, all Produktionsplaatzen an den néidegen ökologeschen Standard ze setzen.
Den Vertrieder vun der DuPont huet ons duerno iwert hiere Problem (Déi berühmt berüchtegt FCKW'en) informéiert. Si sinn aawer derbei, den Austoùß op een Minimum ze reduzéieren. Allerdings sinn hier Wärter am Moment weit ennert der virgeschriwener Norm. Doriwer eraus sinn si am Gaangen, eng Pilotanlaach ze bauen, déi op FCKW'en ganz verzicht. Dobei ass awer nach ze be-

mirken, dass den TYVEC ganz recycleierbar ass. Hieren zweeten Problem ass deen vun hirer Kläranlaach. De Schlamm, deen hei erauskennt, leit enner allen erfuederten Grenzwerten, leider ass et duerch d'Gesetz Industrieschlamm, soù dat en op eng Sonderdeponie kommen muss.
An engem leschten Punkt as den Här Minister dunn op d'Eurofloor ze schwetzen komm. Hei leit de Problem, dat desse Betrieb net besser kann schaffen (mat de Méiglechkeeten déi si am Moment hunn). Et kann een awer elo den Betrieb net einfach zoù machen, waat mat enger Arbechtslosenzuel vun 800 Leit verbonnen wier.

Kuerz notéiert...

- virun 34000 begéschterten Lait huet den 1. FC Kaiserslautern am Spetzenspill vun der Woch duerch eng geschlossen Mannschaftsléschtung 1-0 duerch e Gool vum Guido Hoffmann géint Werder Bremen gewonnen, an sech domatt un d'Spetzt vun der Bundesliga gesaat.

- ronn 500 Liter Béier sinn op der Fete am Kramladen an den duuschterechen Strassen verschwonnen. Dobei kommen nach 18 Liter Tequilla, 60 Liter Jobolais, Batteriesaier, Brennspiritus an aanert Gedräcks...

- 1000 DM Kautioun an én Führerschéin huet é vun aisen Stroosbuerger Gäscht fier éng Promillentour am Auto bezuelt.

- 300 % méi Fluchopkommes huet déi amerikanesch Airbase vun Ramstein zenter dem Ufank vun der Golfkrise ze verzéchnen. Erstaunlecherweis ass laut Statistik d' Kaméidisbelaaschtung fir déi Kaiserslauterer d'selwescht bliwwen...

- Dann nach den ausdrécklechen Wonsch vum Toni a vum Claude: Well si mengen si wieren nach net genuch opgefall, ernimmen mär si hai nach émol extra.

REEL Sprech '90

- Fazit vun der REEL:
  Kappensetzung matt Konsequenzen

- Léiwer eng REEL zu Montpellier
  ewéi ouni Stâp en hôtelier

- Stopp de Bop
  esoss get et en Flopp
  Brems den Tsärge
  esoss léit en um Gartenzwerg

- Léiwer PROST(ituéiert)
  ewéi ACEL's Deleguéiert

- Op't Wais vum "Glory Glory...
  Hätt den Neckel den Bus geholl
  dann hätten nach sein Schéin (2·)
  an och kéen Protokoll

R: Glory, Glory halleluja...

ALEM

Och wann de Gesondheetsminister hei waar, eisen Bréisseler Schreftführer waar awer um Wee fir Heem! Fir et an der medezinescher Sproch ze formuléieren: Transplantation de membres.

SES-RTL

Well d'Broschüren vun der CLT an vum ASTRA esou schéin sinn, ech selwer och an desem Débat net waar, ass jidderen gebieden, déi Broschüren durchzeliesen, an, bis dass de LEO vun K'Town erauskennt, all Sonnden em 22^{30} TUTTI-FRUTTI op RTL-Plus ze kucken.

Impressum

Chefredakter a Layout	Michel Schütz	
	Claude Stein	
Tipp-Ex	Claude Lentz	
Reportä	Marc Kaatz	(Fischbach)
	Gilbert Lauth	(Erasmus an net Or-
	Claude Deitz	gasmus mat der Mad.
	Nico Schmit	Ménage)
	Paul Schockmeier	(huet net mat der BIL
		op d'Stroos gekatzt)
	Fred Meis	(ACEL—ALEM—RTL)
	Lex Michels	(Müsli-Débat)
Fotoen	Tom Majeruss	
	Fred Meis	
Entweckler	Jang Beissel	
Rasende Reporter, net nemmen vir eng Stonn	Lex Michels	

Dess Sendung get lech präsentéiert vun Adari Kombudä an Verbindung mat engem schnellen Druggä (dem Mich sei ganzen Stolz)

An leschter Sekonn: De Löthör Dëmësiör höt uns verkööft